Betrefft: Demissioun als Agility Richter.

Well den Programm vir nächst Joer usteet, well ech matt Zeit meng Démissioun als Agility Riichter bekannt ginn.

Ech kéint lo einfach schreiwen: Aus perseinlechen Grënn - mee et ass mer awer wichteg e puer Erklärungen ôfzeginn.

Ech wëll mol ufänken dass ech di ronn 10 Joer genoss hunn, et war eng flott Zeit matt ganz villen groussen Concourer, woubei natierleg d'WM 2014 am Virdergronn steet an natierleg och di ganz vill flott an schéin Reesen mam Highlight Japan!

Selbstverständleg gouffen et an der Zeit och heiansdo Differenzen matt den Riichterverantwortlechen domatt och dem CLA mee am groussen Ganzen mengen ech dass et eng ganz gudd Zesummenarbecht war.

Meng Grënn vir op ze haalen:

1) Meng Knéien: di kleng oder schon mei grouss Bobboen erlaaben mer daagsiwer ounie Problem meng Treppeltouren sowie Velostouren ze machen, awer e puer Stonnen um Terrain stoen, geet guer net méi!

2) Mein Alter: kréien lo an deenen nächsten Méint 60 Joer an dann geet et an mengen Aen duer mam Riichten

3) den Agility: op der enger Seit gudd dass eisen Agility sech an deenen leschten Joer erem no vir geschafft huet, leider mengen nach emmer Leit si wären op enger Linn matt deenen ganz Groussen an behuelen sech net méi sou um Terrain wi se sollen! Kritiseieren, jeitzen , meckeren, sech doniewt behuelen; naja dann könnt awer emmer deen leiwen Slogan: Agility is fun! DAAT STEMMT NET MEI!! Leider hunn mer keng Riichterkommissioun méi, di awer immens wichteg war an wier vir di divers Problemer un ze goen! Och waat d'Riichten ugeet, well et ginn emmer nach Riichter di net no dem FCI Guide Line riichten. Also Riichterkommissioun ganz wichteg och an Hibleck op di hoffentleg nei an jonk Riichter

4) Den I-Tüppfelchen war awer no der leschter WM Quali, matt der Dezisioun vum CLA en Hundeführer deen seng Nerven null am Greff huet an e Mount virdrun bei engem Concours komplett ausgeflippt war an matt e bësschen Pech Leit hätt können blesseieren; engem aaneren Hundeführer vir ze ziehen (an Dir wesst dass ech vum Fabienne schwetzen) daat emmer do war vir den CLA, sech emmer ugepasst huet, emmer brav a fein war! Ech wees dass bei enger Dezisioun emmer een schlecht weg könnt, mee leider Gottes ass et wi och schon an der Vergaangenheet: di di laut billen kommen emmer am beschten weg!!

D'CLA huet en gudden Präsident, en gudden Comité, an et ass schwéier all Member zefridden ze stellen.

Jo, mee awer!!!!!

An deem Senn, alles Guddes, ech wärt lo mein lescht international Riichten nächsten Weekend an der schéiner Normandie genéissen, wie och nach daat eent oder aanert national Riichten, an dann gëtt sech nach e puer Joer matt mengen Mippchen op eenzelnen Concourer amüseiert, well daat mecht wirkleg Spaass.

An deem senn alles Guddes

Thines Jos